Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador
Mai 2020 LII/1

<<Titre>>
<<Prénom>> <<Nom>>
<<Addresse>>
<<CP>> <<Ville>>

El Salvador - Luxembourg

Léif Frënn, léif Donateuren,

Wéi souvill ONGen hu mir laang gezéckt an iwwerluecht, ob mir eis an dëser schwéierer Zäit vun der Covid19-Pandemie solle bäi Iech mellen oder net. Mee mir denken, datt et elo no zéng Wochen, wou Lëtzebuerg an Europa lues a lues den Deconfinement an Ugréff huelen, un der Zäit ass, ze kucken, wéi et an aneren Deeler vun der Welt, besonnesch an El Salvador, mat der Pandemie ausgesäit.

Mir hunn net vill Echoen vun doënnen, offiziell Chiffere feelen eis, mee mir kënne sécher sinn, datt et eng ganz héich Donkelziffer gëtt.
Wéi viru Wochen d'Ausgangksspär an El Salvador verhaange gouf, war gläichzäiteg eng Aktioun vun der Regierung ugelaf: all Mënsch, dee keenAarbechtskontrakt hat, hat eemoleg 300 $ zegutt, fir iwwer d'Ronnen ze kommen: kilometerlaang Mënscheschlaangen hu sech virun de Büroen, déi d'Schecke verdeelt hunn, gesammelt, vill mat Masken, mee ouni „distancía", ouni déi néideg Virsiicht géint eng Ustiechung mam Coronavirus.
Et kann ee sech déi warscheinlech Suiten nëmme virstellen. Europa huet et jo erlieft mat Bergamo oder Ischgl.

Per Gesetz hunn déi Leit, déi en Aarbechtskontrakt hunn, weider dat vollt Gehalt zegutt. Mir halen eis dorun, a bezuelen d'Gehälter vum Personal am Kannerhaus a vum Personal am Fraenhaus. Vill aner Patronen halen sech awer absolut net dodrun. Kanner däerfe keng am Kannerhaus sinn, Frae ginn och keng an d'Fraenhaus eragelooss. An deenen Haiser gëtt et keng Aktivitéiten z.Z. Wéi streng d'Restriktiounen an El Salvador sinn, beleet en Artikel vun uganks Abrëll an der däitscher Zeidung Die Welt:

Hei en Text aus WELT.de:

El Salvador verlängert strenge Quarantäne.
Die strengen Ausgangsbeschränkungen in El Salvador wegen der CoronaKrise sind bis zum 16. Mai verlängert worden. „Wir sind in der kritischsten Phase der Infektionen, und das Virus hat sich im ganzen Land ausgebreitet", schrieb Präsident Nayib Bukele am Dienstag (Ortszeit) auf Twitter.
El Salvador hat eine der strengsten Regelungen Lateinamerikas. Seit dem 22. März gilt dort eine Ausgangssperre – Ausnahmen gibt es nur zum Einkaufen von Lebensmitteln und Medikamenten sowie für Arbeiten, die als unerlässlich gelten. Schon am 11. März – noch vor der ersten bestätigten Infektion im Land – hatte der kleine mittelamerikanische Staat mit rund sechs Millionen Einwohnern seine Grenzen geschlossen.
Wer die Quarantäne missachtet, wird festgenommen und für bis zu 30 Tage in ein „Eindämmungszentrum" gesteckt. Menschenrechtler kritisierten diese Praxis, und El Salvadors oberstes Verfassungsgericht erklärte sie für unzulässig. Bukele weigerte sich jedoch, dem Urteil Folge zu leisten. Der 38-jährige Konservative warf den Richtern vor, „den Tod des Volkes angeordnet" zu haben.

An den Abbé Gloden schreift den 18. Mee:
„Den Nayib Bukele, President vun der Republik, huet haut den „estado de emergencia" ëm weider 30 Deeg verlängert! Autokratesch, well hien däerft dat net ouni den Accord vun der Chamber, mee och eng Plainte virum ieweschte Geriichtshaff wäert dat net verhënneren. Et ass bal net méi auszehalen."

Op de Stroosse gëtt et elo trotz der Ausgangsspär masseg Mënsche mat wäisse Fändelen : dat sinn Hongerfändelen. Effektiv kann ee vun enger zweeter Pandemie schwätzen, enger Hongerpandemie. Vill Leit hunn näischt z'iessen, leiden Honger, hu kee Geld fir Iessen ze kafen, an op ville Plaze gëtt et och näischt ze kafen! Liewensdrama…

« Hëlleft eis hëllefen! »

Mir kruten e Schreiwes vun der Belsch-Lëtzebuerger Ambassade an El Salvador:

Nous apprécions la contribution du Consulat Honoraire du Salvador au Luxembourg qui a fait livrer à la Région Santé de l'Est (SIBASI Usulután) des équipements de protection pour le personnel de santé de ce quartier général.
Le don s'est composé de 1000 masques filtres et de 300 masques viscères, des protections d'une importance primordiale pour faire face à l'urgence actuelle causée par le virus COVID-19.
Remerciements infinis à M. Emile Calmes, Consul Honoraire du Salvador au Luxembourg et à son épouse, Mme Maureen Calmes, pour ce grand geste.

Mir soen dem Maureen an dem Mil, Membere vun eiser Fondatioun, och Merci fir deen noble Geste.

Op Interventioun vun eisem Frënd Abbé Gloden, deen am Cofinement zu La Majada sëtzt, „ eleng, 9000 km vu Lëtzebuerg ewech, einsam, mat strengst limitéierter Bewegungsfräiheet“ hu mir sou gutt wéi et an dëser Situatioun geet, finanziell Hëllef bruecht:

- fir eng Nopeschpar Los Naranjos-Sonsonate an hire Paschtouer Walter Guerra, fir datt hien déi Ärmst aus der Por mat Iesse ka versuergen
- fir Dokteren aus dem Hospital Nacional San Rafael zu Santa Tecla, fir datt si ärmste krank Leit konnte behandelen
- fir den Dokter Santamaria a seng Kollegen, fir datt si den ärmste Leit zu Zaragoza a San José Villanueva Seef an Desinfektiounsmëttele konnten zur Verfügung stellen

Dat waren éischt finanziell Hëllefen fir ronn 10 000 $, mir bleiwen a Kontakt mat hinnen, a wëllen haaptsächlech de Leit géint den Honger Ënnerstëtzung bidden. Eng „Tafel“ wéi an Däitschland wär denkbar, wann d'Leit erëm eraus däerfen. Elo geet et drëm, Iesswueren ze beschafen, an ze verdeelen.
Mir zielen op Mathëllef zu Santa Ana.

<u>An dann nach e waarmen Opruff:</u>

Den Abbé Henri Gloden ass net ganz a Form: „ech kréien esou wéineg Trouscht vu Lëtzebuerg. Ausser vun e puer…Wat e Balsamo, wann ech wéinestens dräi Zeile vun Iech liese kënnt, äre frëndschaftlechen Appui géif spieren als greise Missionär, wäit ewech vu menger Heemecht.
Merci, loosst mech net eleng“.

Wie schreift him???

glodensch@yahoo.com

D'Stëftung Lëtzebuerg-El Salvador goes Digicash! Mir hunn e weidere Schrëtt an den digitalen Zeitalter gewot. Vun elo un hutt Dir d'Méiglechkeet, ären Don per Digicash QR-Code ze maachen: einfach den Digicash QR-Code mat der Kamera vun ärem Smartphone an är Digicash-App scannen, äre Betrag antippen an ären Don validéieren. Dëst geet séier an einfach. Scho probéiert? Dir kritt wéi gewinnt och en Zertificat fir bei d'Steiererklärung bäizeleen.

Mir soen Iech elo schonn e grousse Merci fir all finanziell Ënnerstëtzung, sief et iwwert deen neie Wee vum Digicash QR-Code, oder iwwert dee gewinnte Wee per normal Iwwerweisung.

Hëlleft eis hëllefen.

Passt op Iech op a bleift gesond.

Kontakt

In Luxemburg:

Fondation Luxembourg - El Salvador
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93
Internet: www.elsalvador.lu
E-Mail: luxelsa@pt.lu
CCPL - LU73 1111 2119 9449 0000
BILL - LU47 0024 1691 8554 5100

Bei der Fondation handelt es sich um eine staatlich anerkannte Stiftung. Spenden sind gemäß den gesetzlichen Bestimmungen steuerlich absetzbar.

In El Salvador:

Padre Enrique Gloden
Hogar Amor y Esperanza - Apartado 48
Santa Ana / El Salvador / Centroamérica
Tel. 00503 79 25 06 18
E-Mail: glodensch@yahoo.com
CCPL LU59 1111 0369 1656 0000
(Postscheckkonto von Henri Gloden, Mertert)

https://www.facebook.com/hellefelsalvador

Impressum

El Salvador - Luxembourg

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador; paraît au moins quatre fois par an.

La Fondation a pour objet de promouvoir et de soutenir, par des aides matérielles ou autres, toute activité sociale et éducative dans l'intérêt de la population en détresse dans le pays d'El Salvador (Amérique Centrale) et plus particulièrement dans l'intérêt des enfants et adolescents dans le Foyer d'enfants «Amor y Esperanza» initié par lAbbé Henri Gloden à Santa Ana (El Salvador).